# Beweegte Stëmmen



## Zoé, 20

Also mer probéiere schonn, eppes ze bewegen, hei op Belval, mengen ech, ass awer net einfach. Et gesäit souguer aus, wéi wann dat alles hei ugeluegt gi wier, fir nëmmen net beweegt ze ginn. Lauter déck Bléck, déi weisen, wat Stabilitéit ass. Zolitte Betong, deen direkt aus de Betongskäpp eraus gegoss gouf, gro Maueren, déi och gro solle bleiwen. Nëmmen net zevill Liewen, soss kéint eppes passéieren ! An tëscht de Bléck den Duerchzuch. Mer liewen all hei am Duerchzuch. Wat sech beweegt, ass de Wand. Et soll waméiglech ongemittlech sinn. Datt déi Studenten net op emol op droleg Iddie kommen. Sech versammelen an domm schwätzen an eppes bewegen. Nee, no der Virliesung gi se séier vun de Wandstéiss heem gebeetscht. Do si se gutt versuergt. Déi Zäit, wou si op d'Strooss goungen, si laang eriwwer. Lo gi si nach just op de Bus. Dat ass eng kloer definéiert Bewegung, déi kee Schued mécht. An da gi si heiansdo vu Sall zu Sall, well dee Sall, an deem de Cours sollt sinn, gëtt gebraucht fir eng Cocktail-Party vun iergendenger Gesellschaft, déi de Betong matfinanzéiert huet. Dee Wee féiert dann duerch eng Zort däischtere Kellergank, eppes wéi e Schutzbunker. Och do kann also näischt passéieren. Wéi gesot, mer probéiere schonn, eppes ze bewegen, awer sou, wéi dat alles ausgesäit, ass et schwéier, ganz schwéier…

## Philippe, 17

Dat ass jo e Widdersproch a sech. Engersäits gëtt gesot, déi Jonk missten sech engagéieren, vun hinne géif d'Zukunft ofhänken, nëmme si kéinte wierklech eppes bewegen, a wann et dann drëm geet, hinnen d'Méiglechkeet ze ginn, mat 16 Joer wielen ze goen, ass kee méi mat. Wéi soll een dat da vläicht verstoen ? Engersäits gëtt d'Wuert 'Demokratiedefizi ' héichgeschaukelt, anerersäits sollen déi Jonk d'Fangeren ewechloosse vu gesellschaftleche Froen, well se anscheinend nach net räif genuch sinn, fir dat alles ze begräifen. Ee Schratt no vir an zwee no hannen. Dat kenne mer. Looss se lafen, awer net fräi, hal se un der Léngt, da kanns du se jidderzäit zeréckpäifen. Also, op sou hallef Saache päifen ech. Ech sinn am Jugendparlament engagéiert. Op déi Aart a Weis kënne mer eis abréngen, awer och dat ass natierlech net ëmmer einfach. Virun allem, well ech muss feststellen, datt e ganze Koup aner Jonker sech komplett futtéieren. Ech géif bal soen, et wier méi schwéier, déi ze iwwerzeege vum Sënn vun eisem Parlament wéi déi Al. Dat huet natierlech och domat ze dinn, datt d'Bild, dat d' Politik am Allgemengen vu sech selwer gëtt, net grad schéin ass. Kee Wonner, wann dann de Populismus iwwerall lauert…

## Jeff, 22

Stop stressing over shitty people ! Mir schaffen un enger App, déi dir hëlleft, Entscheedungen ze treffen. Du brauchs net laang ze iwwerleeën, gëss deng Donnéen eran, a kriss gläich drop de richtege Virschlag. Spuert Zäit an Energie, also Geld. Also näischt méi mat deem Gedeessëms à la Hamlet, du weess, dat ass deen, deen net méi weess, ob hien um Liewe soll bleiwen oder net, an da ganz Sendunge voll spackt iwwer Liewen an Dout. Kompletten Zäitverloscht. Dat fält alles ewech mat eiser App. Mir entwéckele ganz nei Techniken – souwäit de Begrëff Technik nach duergeet fir dat ze beschreiwen, wat mer entwéckelen –, déi nei Weeër weise fir de Mënsch a seng Entwécklung. Am Sekonnentakt kriss du deng Entscheedungen ofgeholl. Ëmmer déi richteg. Du kënns méi séier virun a léiers dech besser kennen. Eis App weist dir de Wee. Eis Startup gëtt vum Fong fir d'Fuerschung ënnerstëtzt. D'Bewegung vun der Zukunft läit am Digitalen. Wien eppes aneres behaapt, verkennt d'Realitéit.






## Nadja, 21

Ech muss kucken, datt ech derduerch kommen, dat ass meng Bewegung. Mam Mindestloun. Do kënnnen anerer nach souvill braddelen, ech muss rechnen. Wiele goen als Auslänner, ok, awer wat spréngt fir mech dobäi raus ? Et ass e bësse wéi hei an der Schoul, déi eng an déi aner. Do sinn der dann, déi soen : Déi mussen un d'Demokratie erugefouert ginn ! Ah, bon ? Kënne mer dat net selwer ? Ech hat sou e Schwätzer bei mer an der Klass, e Jugendparlamentarier. Alles Pabeier. Déi sinn all um Wee, deene Groussen et nozemaachen. Iergendwéi ëmmer dee selwechten Typus, hunn dat an de Genen oder goufe fréi sou formatéiert, all vun der selwechter Staang, e bësse glëtscheg, e bësse karéiert, maachen, wéi wa si besuergt wieren ëm déi ganz Welt a sinn einfach nëmmen ëm sech selwer besuergt. Wibbele mat bei de Jonken an iergendenger Partei a klammen da lues a lues d'Leeder erop. A laang schonn ir si uewe sinn, si si grad dat, wat si virginn, net ze sinn : ugepasste Schwätzer. An deem Fall gëtt et keen Ënnerscheed tëscht Jonk an Al, Bedrug bleift Bedrug. U wéi eng Demokratie soll dann do erugefouert ginn an enger Welt wou eng Handvoll Milliardären souvill hu wéi d'Halschecht vun der Mënschheet ?

## Mara, 23

Wéi ech dräizeng Joer al war, ass meng Mamm gestuerwen. Ech war dat Eelst an hu mech missen ëm meng Geséschter këmmeren, zwee Bridder an eng kleng Schwëster. Ech hunn dat niewent der Schoul gemaach, mäi Papp huet um Bau geschafft. Mer hate laang Diskussiounen driwwer, wéi mer eis am beschte kéinten organiséieren. Et gouf geleeëntlech Sträit, awer mer hunn zesummegehal. Dat huet eis gerett, géif ech soen. Ech hunn et trotz allem fäerdeg bruecht, eppes ze léieren a si lo Infirmiè e. Dee Beruff gefält mer. E Frënd huet mech gefrot, ob ech net wéilt bei de Gemengewahle mat op d'Lëscht goen. Ech hunn him gesot, datt ech net do wier, fir Stëmmen ze fänken. Main Engagement war ëmmer bei menger Famill, an elo hei op menger Aarbecht. Wann ech do alles gutt maachen, ass dat scho ganz vill, mengen ech mol…

## Ozan, 21

Wat mech beweegt ass d'Konscht. An der Konscht fanne mer dee radikaalsten Ausdrock vu Fräiheet. Natierlech net all Konscht. Natierlech net de Konschtbetrib wéi en sou existéiert. Dee funktionnéiert ähnlech wéi d'Politik, also korrupt. Eng eenzeg Manipulatioun, sou wéi déi Jonk bestänneg an allem manipuléiert ginn. Gesot kréien, wéi si fräi ze sinn hunn. A keng Méiglechkeete kréien. A wa si sech se huelen, heescht et, si wiere kriminell. Am beschten alles schéi matmaachen, onopfälleg duerch déi ëmmer méi laang Transitiounsphas an den Iwwergangsberäicher blablabla, fuck, richteg Konscht ass eppes anescht, eng vill méi radikal Bewegung, déi Gewunnechten a Wäerter op d'Kopp stellt. Ouni Mudam an aner Muséeskëschten. Konscht gehéiert net an e Musée. Konscht am Musée ass keng Konscht. Konscht am Musée ass net méi wéi Dekoratioun a Fräizäitbeschäftegung. Ech schloen dofir fi , de Mudam an d'Lut ze sprengen. Den Akt vun der Sprengung selwer ass en Akt vun der Konscht. Sou wéi de Pierre Boulez fréier mol sot, et sollt een d'Operenhaiser an d'Lut sprengen, schloen ech vir d'Muséeen an d'Lut ze sprengen. Nëmmen da kënnt Bewegung an d'Konscht, an réischt da kënne mer vu Fräiheet schwätzen…

Nico Helminger